N°7536
Entrée le 02.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7536 vum 31. Januar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer den Devis vun den Analysen am Laboratoire déi net an der Nomenclature festgehale sinn**

*1) Wéi muss dës Estimatioun vum coût global formuléiert sinn? Geet eng verbal Estimatioun duer oder muss de Patient dës schrëftlech kréien?*

D'Dispositiounen am Artikel 12 vun der Konventioun tëschent der *Fédération luxembourgeoise des Laboratoires d'analyses médicales* (FLLAM) an der nationaler Gesondheetskeess (CNS) gesinn d'Prozedur vir, déi muss agehale gi wann d'Ordonnance vun engem Dokter eng Labosanalyse virgesäit, déi just zu engem Deel oder guer net vun der Krankeversécherung ofgedeckt sinn.

Laut dësen Dispositiounen ass et um Assuré, de Laboratoire no enger Schätzung vun de Gesamtkäschte fir déi verschriwwen Analysen ze froen. Op Basis vun dëser Ufro ass de Laboratoire verflicht d'Schätzung vun de Gesamtkäschte matzedeelen an déi betraffe Persoun iwwer d'Modalitéite vun der Prise en Charge ze informéieren. Den Artikel 12 beseet allerdéngs net ob dës Informatioun muss schrëftlech oder mëndlech matgedeelt ginn. Den Assuré kann awer natierlech froe fir et schrëftlech matgedeelt ze kréien.

*2) Am Fall wou de Patient oder d'Patientin net iwwert dës zousätzlech Käschten informéiert gi wier, u wien misst en sech wenden?*

Am Fall wou den Assuré eng Rechnung vum Laboratoire kritt ouni virdrun iwwer d'Schätzung vun de Gesamtkäschten, déi net vun der Krankeversécherung ofgedeckt sinn, informéiert ginn ze sinn, huet hie folgend Méiglechkeeten :

- d'Rechnung beim Laboratoire ze kontestéieren an am Fall vun enger Prozedur fir d'Suen erëm ze kréien, d'Begrënnung vun der Rechnung no allgemenge Recht virun den Zivilgeriichter unzefechten;
- d'Fakten, déi méiglecherweis eng Violatioun vun de konventionellen Dispositiounen noweisen, dem Service "Lutte contre les abus et la fraude" vun der CNS matzedeelen, deen dann eventuell kann d'Commission de surveillance op Basis vum Artikel 73 vum Code vun der sozialer Sécherheet saiséieren;
- sech un de Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé wenden, dee mat den zwou Parteie ka verhandele fir eng Léisung ze fannen;
- sech un de Service national du Médiateur de la consommation wenden.

*3) Wat gëtt am Fall gemaach, wou de Prestataire keng schrëftlech Tracen huet, déi beweisen, dass en eng Estimatioun ginn huet?*

Laut den Dispositioune vun der Konventioun FLLAM-CNS läit d'Beweislaascht beim Laboratoire, deen de Beweis am Aklang mam allgemengem Recht muss virleeën.

*4) Wéi vill esou Litigë sinn aus de vergaangenen 10 Joer bekannt?*

Zanter 2017 hat de Service „Lutte contre les abus et la fraude" vun der CNS an der Moyenne een Dossier pro Joer an deem Zesummenhang.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen